# Sommedieue am Wanter



De Flyfishing Club aus Lëtzebuerg war traditioneller Weis op den Domaine de Sommedieue gefuer fir eis Fëscher - Saison ofzeschléissen. Wann mir eise Programm opsetze gëtt et mir ëmmer ee bëssen Angscht ewell mir mat Sommedieue eis Sortië starten an am Dezember och ëmmer ofschléissen, esou hate mir et dann och an der Vergaangenheet scho mat esou munchen Wiederkapriolen ze dinn, mir hunn scho bei Minus 18° Grad do geféscht wou eis Réngelcher vun de Staangen zougefruer si, grad esou ewéi bei zwee Stellege Plusgraden a Sonn wärend eisem ganzen Openthalt, mee deem Reen wou mir Geschter ausgesat waren huet awer Alles iwwertraff wat mir bis elo op dësem Site erlieft hunn. Et huet geschott ewéi mat Eemeren an dobäi huet et net eng Sekonn opgehalen an ewéi mir geduecht hunn et kéint net méi schlëmm ginn do ass och nach de Wand Mëttes a Spill komm mee ……… mir Fëscher si jo awer keng Leppecher an duerfir hu mir eis awer ee schéinen Dag gemaach an de Fësch huet dat schlecht Wieder souwisou Näischt ausgemaach. Mir waren also zu 14 Memberen ugetruede fir eis Fëscher – Saison ofzeschléissen a konnten dobäi vill schéi Fësch fänke wou duerch Sommedieue jo och bekannt ass ewell een hei niewent extrem klore Waasser och immens schéi Forellen a Saiblingen fänke kann, wann een an eise Breedegrade well de Fësch vum Liewe fänken dann ass een zu Sommedieue net ganz falsch zemools wou een do och ganz Joer iwwer fëschen kann.











Schonn ënnerwee fir bei d´ Waasser konnt eise President Krukerte fotograféieren déi an enger Wiss gerascht hunn, ech konnt leider nëmmen d´ Meuse bewonneren déi mol erëm eng Kéier hiert ganzt Dall ënner Waasser gesat hat mee spéitstens beim éischte Kaffi dee mir dann drénke wa mir eis umelle ginn hate mir nëmmen nach déi déck Forellen am Kap a wat soll ech soen, ech war nach net richteg beim Waasser ukomm do hunn ech schonn de Patrick gesinn deen am gaange war mat enger décker Forell ze kämpfen déi awer leider an d´Gréngs geschwommen ass mee kuerz duerno konnt de Patrick awer schonn déi nächst Forell drillen. Och des Kéier war d´Stilwaternymph erem eng ganz fängeg Méck, mat der Damsel konnte mir ganz vill a ganz schéi

Reebouforellen fänke mee och Saiblingen a Baachforellen si vun eise Fëscher gefaange ginn esou dass mir eis awer och guer net bekloe konnten och wat d´Gréisst vun de gefaangene Fësch ubelaangt.













Éierlech gesot, hätt de Patrick wuel gesot, ware mir frou ewéi d´ Glack gelaut huet a mir eis konnten usetze fir ze iessen, ware mir dach zu deem Zäitpunkt schonn opgeweecht. Séier hate mir eis an der Scheier eisem naasse Gezei entleedegt a scho stounge mir beim Comptoir fir den Aperitif. Duerno ass et eng gutt waarm Jatte mat Zopp als Entrée ginn, duerno ass Marcassin opgedëscht ginn a mir hunn de Kéis kritt fir ofschléissend dat Ganzt mat Tiramisu a Vanills Glace ofzerënnen, wat wëlls De méi. Nach schnell ee Kaffi oder een duebelen Espresso a scho ware mir erëm an der Scheier, mee komescher Weis haten elo Abee mol eis Fëscher gutt Zäit. Keen wollt erëm esou séier an dat naasst Gezei an eraus an de Ree mee schlussendlech hu mir eis awer iwwerwonnen a sinn nach eng Kéier ugetruede fir och Mëttes nach ee puer schéi Momenter beim Waasser ze verbrénge war dat dach fir dëst Joer ei lescht Sortie. Och Mëttes sinn nach ee puer schéi Fësch gefaange ginn an ee puer Fëscher haten ze guer duer gehale bis et däischter war.






